

Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen (par M. Fernand Etgen), MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas (par Mme Carole Hartmann), Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. Gilles Baum) et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana (par Mme Taina Bofferding), Mmes Taina Bofferding, Liz Braz (par Mme Paulette Lenert), Francine Cloener (par M. Georges Engel), M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Paulette Lenert ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

MM. François Bausch, Meris Sehic (par M. François Bausch), Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement, Marc Goergen et Ben Polidori (par M. Sven Clement) ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

## 11. 8348 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 15 juillet 2022 visant à mettre en place un régime d'aides aux entreprises particulièrement touchées par la hausse des prix de l'énergie causée par l'agression de la Russie contre l'Ukraine

Mir kommen elo zum Projet de loi 8348 iwwert d'Hëllef fir Betriber, déi besonnesch vun der Energie-deierecht betraff sinn, déi duerch d'Aggressioun vu Russland géint d'Ukrain verursaacht ass. D'Riedezäit ass och hei nom Basismodell festgeluecht an deemno follgendermoossen opgedelt: D'Rapportrice huet zéng Minutten, alleguer d'Fraktiounen an d'Sensibilitäten hu fénnef Minutten an d'Regierung huet zéng Minutten. Et hu sech schonn ageschriwwen: d'Madamm Octavie Modert, den Här Georges Engel, den Här Tom Weidig, den Här François Bausch, den Här Sven Clement an den Här Marc Baum. An elo huet d'Wuert d'Madamm Rapportrice Carole Hartmann.

**Rapport de la Commission de l'Économie, des PME, de l'Énergie, de l'Espace et du Tourisme**

**Mme Carole Hartmann** (DP), rapportrice | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir hunn et virdrun ugeschwat: Déi russesch Invasioun an der Ukrain ass viru ronn zwee Joer ugaangen. Eng vun de gréissere Konsequenze vun dësem tragesche Krich ass d'Energiekris an Europa, déi d'Stéit, awer och eis Betriber ganz staark getraff huet.

D'Europäesch Kommissioun huet 2022 den Encadrement temporaire de crise et de transition lancéiert. D'Zil heivunner ass, d'Ekonomie an déi gréng Transitioun ze ënnerstëtzen.

An deem Kader hu mir op nationalem Niveau 2022 Energiemesüeren an place gesat, fir d'Entreprises hei am Land ze ënnerstëtzen. Haut bleift d'Entwécklung vun de Präisser um Energiemarché, déi vum geopolitische Kontext ofhänkt, onsécher an och onprevisibel.

Dëse Gesetzesprojet huet also als Zil, de finanziellen Impakt op d'Betriber, ausgeléist duerch d'Schwankunge vun den Energiepräisser, ze limitéieren. Fir ze verhënneren, dass d'Entreprisë mat enger iwwerraschender Hausse vun hire variablen Käschten an doduerch och hiren operationelle Käschte konfrontéiert ginn, wat zu enger Perte vun der Kompetitivitéit féiert, mussen mir se och weiderhin ënnerstëtzen.

Eng grouss Unzuel vu Lëtzebuurger Entreprises huet am Joer 2022 Energiekontrakter op e puer Joer ënnerschriwwen, fir potenziell an zukünfteg Fluktuatione vun den Energiepräisser ze verhënneren. Mee zu deem Zäitpunkt waren d'Energiepräisser nach immens héich, wat heescht, dass dës Betriber haut net vun der Chute vun den Energiepräisser profitéieren kënnen, éier dann d'Kontrakter am Laf vun dësem Joer auslafen.

Am November 2023 huet d'Europäesch Kommissioun Amendementer zum Encadrement temporaire de crise et de transition ugeholl, fir d'Betriber weiderhin ze ënnerstëtzen. Dëst erlaabt et de Memberstaaten, d'Energiemesüre fir d'Entreprises ze verlängeren.

An dësem Sënn ass d'Zil vun dësem Gesetzesprojet, deen ech Iech elo presentéieren, d'Durée vu bestëmmten Energiemesüeren ëm weider sechs Méint, dat heescht, bis zum 30. Juni dëst Joer, ze verlängeren. Soss wieren dës Mesüeren d'lescht Joer Enn des Joers ofgelaf. Dëst gëllt fir d'Hëllef, déi d'Käschten, déi duerch d'Benotze vum Gas, der Elektrizitéit, awer och duerch d'Benotze vun Elektrizitéitsreseauen ufallen, decken.

Et ass och virgesinn, d'Aidë fir d'Fraise vum Gas, der Elektrizitéit an den Heiz- a Killkäschte vun den energieintensiven Entreprises ze decken. D'Produzente vun Hëtzt a Biogas oder d'Exploitante vu Fernwärmereseaue kënnen och vun der Extensioun vun den Energiemesüre vu sechs Méint profitéieren.

Ausserdeem gouf den Delai, fir eng Demande d'aide ze maachen, bis den 20. Mee verlängert. Fir energieintensiv Entreprisë kann d'Demande souguer bis den 30. September dëst Joer agereecht ginn. Vu datt et manner Demandë gouf fir d'finanziell Hëllef, déi d'Käschte vum Masutt decke sollen, gouf dës Mesür par contre net verlängert.

De Gesetzesprojet gesäit ausserdeem och nach vir, de Plaffong fir eng Rei Energiemesüeren ze erhéien. Dëst gëllt fir all d'Mesüeren, déi verlängert gi sinn, ausser fir déi, déi energieintensiv Entreprisë betreffen. Méi konkret heescht dat, dass de Plaffong vun 2 Milliounen op 2,25 Milliounen Euro pro Groupe d'entreprises eropgesat gëtt.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Ekonomiekommissioun krut zu dësem Gesetzesprojet véier Avisen eran. De Staatsrot huet a sengem Avis weeder formell Oppositionen nach Observatiounen zu den Ännerungen aus dem Projet gehat. Virun allem huet en awer eng Rei legistesche Remarque gehat.

Den Avis vun der Chambre de Commerce, dee begréisst d'Verlängerung vun den Hëllef fir d'Betriber, déi speziell vun den Energiehaussé betraff sinn.

D'Chambre des Métiers huet an hirem Avis och keng Observatiounen eragin an ënnerstëtzt dëse Projet de loi voll a ganz.

D'Chambre des Salariés par contre huet zwar hiren Accord ginn zum Gesetzesprojet, bedenkt awer, d'Aiden hätte missen u sozial Kritikare gebonne ginn an dass den Afloss op d'Staatsfinanzen hei net onbedéngt déi maximal Enveloppe, déi virgesi war, beusprocht hätt.

Fir weider Detailer verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport an ech géif dann och zu dësem Projet de loi d'Zoustëmmung vun der Demokratescher Partei ginn.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler**, Président | Ech soen der Madamm Rapportrice villmools Merci fir hire schrëftlechen a mündlechen Rapport.

An d'Wuert huet elo déi éischt ageschriwwene Riednerin, d'Madamm Octavie Modert.

**Discussion générale**

**Mme Octavie Modert** (CSV) | Jo, merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, elo grad virdrun hu mer heibannen dru geduecht, dass virun zwee Joer déi russesch Attack op d'Ukrain ugaangen ass. An domadder sinn Energieversuergung an Energiepräisser och e Problem ginn. Och dat hei Gesetz fousst op engem coordonéierte Virgoen an a vun der Unioun. Et ass déi sechste Verlängerung vum Gesetz vum Juli 2022, zu där d'CSV-Fraktioun och nees hiren Accord gëtt.

Mir wëlle jo nach Produktioun an Industrie zu Lëtzebuerg behalen an déi sinn natierlech méi energieintensiv wéi bei Dëngschtleeschungsfirmen. Se sinn och dacks méi aarbechtskräftenintensiv. A sou wéi de Marc Spautz scho bei de Virleefegesetz gesot huet: Et ass eis wichteg, heimadder och do dee Moment den Emploi ze stäerken. D'Moossnam hëlleft och, d'Inflatioun fir déi Zäit méi déif ze halen. D'Gesetz zielt fir sechs Méint a bréngt e Level-Playingfield an der Unioun. An op deem Niveau muss och gekuckt ginn, wéi een Erfolleg dës Initiativ duerno kréie wäert.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Madamm Modert. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Georges Engel.

**M. Georges Engel** (LSAP) | Jo, merci, Här President. Et ass wichteg a Krisenzäiten, eis Entreprises ze ënnerstëtzen an hinnen déi Hëllef zoukommen ze loosse, déi se brauchen, fir och kompetitiv ze sinn. Hei ass jo eng Verlängerung vu Mesüeren, déi schonn an der viregter Regierung beschloss goufen.

Et weist awer och, dass mer e ganz komplexe Marché hei hunn, dee schwéier och heiansdo ze verstoen ass. Wa mer nämlech virdrun d'Fro vum Mars Di Bartolomeo gelauschtert hunn, dass d'Energiepräisser am Ganzen immens déif si par rapport zu de Jore virdrun, da kéint ee sech elo d'Fro stellen, firwat mer haut hei nach Hëllef fir d'Entreprises hei stëmmen. Mee de Marché ass sou komplex, dass een dat schonn akaaft huet bei Präisser, déi déi Zäit ganz héich waren. A fir elo kënnen kompetitiv ze bleiwen, brauche mer déi Hëllef hei.

Effektiv kann ee sech och d'Fro stellen, firwat déi Aiden hei vun den Entreprises nëmme bedéngt benotzt ginn. Dat huet d'CSL an hirem Avis och gesot. Vläch kann de Minister eis och do erklären, firwat dat esou ass, wéi eng Grënn et dofir gëtt.

Trotz allem wäerte mir als LSAP deen heite Projet mat Sécherheet stëmmen. An an Zäite vun Onsécherheet ass dat e wichtegt Zeeche fir eis Entreprises. Merci.

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Engel. Elo ass d'Wuert fir den Här Tom Weidig. Här Weidig.

**M. Tom Weidig** (ADR) | Jo, mir wäerten dëse Projet de loi och matstëmmen. Et ass ganz wichteg, dass mer eisen Entreprises eng Stäip ginn. Wat ech awer wëll soen, ass: Ech mengen, dass et faktesch falsch ass, fir einfach ze soen, dass déi Präishaussé do aleng vun

der russescher Aggressioun hierkënn. Dat ass definitiv och een Deel dervun, an zemools och d'Onsécherheet, déi dat matbruecht huet. An dat gëtt natierlech an den Energiepräisser reflektéiert.

Do gëtt et awer nach dräi aner wichteg Facteuren. Dat eent sinn d'Sanktioun géint Russland. Ech wëll lo hei net soen, ob d'Sanktioun richteg oder falsch sinn, mee mir mussen eis bewusst sinn, wa mer Sanktioun maachen, datt déi natierlech och d'Präisser affektéieren. An duerfir ass et och wichteg ze wëssen, datt dat ee Facteur ass.

An een zweete ganz, ganz grouse Facteur fir Energiehaussen, dat ass déi däitsch Energietransitioun, déi am Fong geholl vu villen Experten ugesi gëtt als éischter katastrophal, wéi datt se lo iergendeppes wierklech bewierkt. D'Energiepräisser an Däitschland, déi sinn extreemst geklommen, an dat huet natierlech och en Impact op eise Marché, op Produkter, déi mer kréien, mee och d'Energie, déi mer akafen. Duerfir, dat ass och ee ganz, ganz grouse Facteur, dee bei der Energiehauss matdréit.

An dann hu mer och nach den drëtten Facteur, an dat ass halt d'Perturbatioun an de Liwwerketten. Mir hatten elo joerzéngtelaang wierklech ganz sécher Liwwerketten duerch international Shipping Lanes, déi vun den Amerikaner kontrolléiert gi sinn, fir datt d'Sécherheet garantéiert gëtt. An do ass halt de Problem, datt éischtens duerch d'Pandemie déi Liwwerketten deelweis zesummegebrach sinn, an dat huet och extreem op d'Präisser gedréckt. A mir wëssen och, datt den Iran konstant probéiert, och déi Liwwerketten ze ënnerbriechen. An och dat ass e groussen Impact op d'Energiepräisser.

Duerfir ass et menger Meinung no ze kuerz gegräff, fir einfach ze soen, datt dat wéinst der russescher Aggressioun ass. Et ass multifaktoriell. Mir mussen wierklech un all deenen eenzelnen Theeme schaffen. A mir kënnen och Subsidien an Hëllef, déi mer ginn, net éiweg verlängeren. Mir mussen och u strukturelle Problemer schaffen.

Merci.

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Weidig. Dann huet d'Wuert den Här Bausch.

**M. François Bausch** (déi gréng) | Merci, Här President. Ech sinn elo just eppes Neies geléiert ginn, nämlech datt effektiv d'Energietransitioun an Däitschland d'Gaspräisser an d'Luucht gedriwwen huet. Dat hunn ech nach net sou richtig verstan, mee dat muss ee mer erklären, well ech weess net, wou Däitschland säi Gas hierhëlt. Ech mengen, op der nimmlechster Plaz, wou mir et hierhuelen, mee bon, soit. Här President, mir hunn ...

(Interruption par M. Fernand Kartheiser)

**M. Claude Wiseler**, Président | Sou, wannechgelift, den Här Bausch huet d'Wuert!

**M. François Bausch** (déi gréng) | Här President, ben, wësst Der, ...

(Hilarité)

... den Här Kartheiser, dee ka mech net méi beonrouegen no deem, wat en haut gesot huet.

Mir wäerte selbstverständlech dee Projet hei stëmmen, well et ass jo effektiv eng Verlängerung vun engem Gesetz, dat an der vieregter Regierung schon op den Instanzewee bruecht gouf. Mir fannen et nach ëmmer richteg, datt mer déi Ënnerstützung hei weder maache fir ons Entrepreneuren, duerfir stëmme mir och bei deem Projet derfir.

Merci.

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Bausch. Elo ass d'Wuert fir den Här Sven Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Also, och ech verstinn déi maartwirtschaftlech Analys do net ganz, wéi wann d'Energietransitioun derfir suergt, datt manner Gas ofgehoill gëtt, dann op eemol de Präis soll méi deier ginn, well jo u sech d'Offer d'nämmlech bleift, d'Demande awer ofhëlt. Also, ech hunn a mengem Ekoscours geléiert, datt doduerch normalerweis d'Präisser erofginn, wann d'Offer méi grouss wéi d'Demande ass. Mee bon, et léiert een ëmmer nei alternativ Fakten hei bäi. Dat ass ... Bref.

(Interruption)

Komme mer zu deem heiten Text awer ganz konkret. Ech verstinn, datt en nach eng Kéier op den Instanzewee bruecht gouf. Ech verstinn och, datt et wichteg ass, en ze stëmmen. Mir wäerten en och matstëmmen. Ech ginn awer ze bedenken, wat ech och schon an der Kommissioun eng Kéier gesot hunn an och an der Finanzkommissioun, wéi mer iwwert d'Budgetszuele vum drëtten Trimester geschwat hatten, datt ganz weenig vun deene Suen, déi mer hei u sech provisionéiert hunn, och ofgeruff goufen. Et si 4 Milliounen vu 45 Milliounen Stand Enn Oktober gewiescht, déi hei iwwerhaupt ofgeruff goufen, wat weist, datt déi meescht Betriber u sech et net brauchen, mee et weist awer och, datt et eeben e puer Betriber gëtt, déi drop ugewise sinn. A genau dofir ass et wichteg, wa mer eng Industrie zu Lëtzebuerg wëllen halen, datt mer dat och maachen.

An dofir wäerte mir och den Accord zu deemem Projet ginn. Ech soen Iech Merci.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Clement. Dann huet den Här Marc Baum d'Wuert.

**M. Marc Baum** (déi Lénk) | Jo, merci, Här President. Mir si lo geschwënn am véierte Joer, wou eis Ekonomie am Krisemodus funktionéiert. Fir d'éischt war et d'Covidkris, wou déi öffentlech Hand huet missen agräifen, fir Entrepreneuren ze hëllef. Duerno ass den Ukrainekris, d'Ukrainekris komm duerch d'Invasioun vu Russland an d'Ukrain an déi domat verbonne Problemer. Erëm ware mer an enger Situatioun, datt Entrepreneuren hu misse gehollef kréien.

Mir waren ni géint déi Hëllef. Mir waren ëmmer der Meinung, datt et och dem Staat seng Responsabilitéit ass, Entrepreneuren ze ënnerstëtzen, mee – an an där Linn bleiwe mer awer och dës Kéier – mir waren och an deene leschte véier Joer ëmmer der Meinung, datt dat u Konditiounen misst gebonne sinn. Wann de Staat schon Entrepreneuren Sue gëtt, da misst awer och eppes fir d'Salariéen dobäi erauskommen, verschidde Garantien, zum Beispill d'Garantie, datt e Betrib, dee sou Hëllef kritt, net entloosse kann. Dat ass och dat, wat d'Salariatskummer an hiren Avisen ëmmer gesot huet. Dat ass dat, wat eis Positioun souwuel bei der Covidhëllef fir d'Betriber wéi awer och bei dësen Aiden ass. An där Linn bleiwe mer eis trei, soudatt mer net géint d'Aid sinn, eis awer aus deene genannte Grënn enthalen mussen.

Merci.

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Baum.

Dann huet elo d'Regierung d'Wuert. Här Wirtschaftsminister.

#### Prise de position du Gouvernement

**M. Lex Delles**, Ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme | Merci villmools, Här President. Jo, ech si ganz frou, dass mer zu esou vill

dëst Gesetz hei stëmmen, well et ganz wichteg ass, dass mer déi Aid verlängeren. Et ass richteg, esou wéi et scho vu Virriedner ugeschwat ginn ass, dass et schon eng Zäit laang ëmmer erëm Verlängerunge gouf. Vun der leschter Regierung gouf et ëmmer erëm Upassungen un déi Aidëregimenter, déi mer hunn.

An d'Madamm Modert hat nach eng Kéier ervirgestrach, dass et ganz wichteg ass, dass mer och bei deemem Projet de loi e Level-Playingfield an der EU hunn, well mer nämlech soss an eng Distorsion de marché kommen, wann iergende Land aus der EU op d'Iddi kënnt, vill méi héich Hëllef kënnen ausbezuele wéi aner Länner. Genausou wa mer dat hei net géife stëmmen an aner Länner géifen et stëmmen, dann hätte mer och do eng Concurrence déloyale, well eis Betriber manner géife kréie wéi aner Betriber, déi et kënnen hunn.

Et ass ugeschwat ginn: Vun deenen initialen 375 Milliounen, déi virgesi waren, fir allegueren déi verschidden Aidëregimenter kënnen ze zerwéieren, sinn op den Dag vum 21. Februar just eng ronn 99 Milliounen och wierklech ofgeruff ginn.

Dat weist – an ech mengen, den Här Engel war et, deen drop agaangen ass, Suite vum Här Di Bartolomeo senger Fro virdrun an der Froestonn – d'Volatilitéit vun den Energiepräisser. Natierlech sinn hei Betriber, a wa mer vun all deene verschiddene Regimenter hei schwätzen, sinn et eng ronn 293 Entrepreneuren, déi Aidë kréien. Dat si ronn 2.400 Demandé fir déi Aiden, well e Betrib iwwer e puer Méint natierlech kann déi Aiden hei ufroen. Da gesäit een eebe grad déi Volatilitéit.

Et gëtt Betriber, déi sinn ënnert dem Präis haut um Spotmarché vun deem, wat se virdrun hatten, wa se haut akafen. Dat heescht, déi brauchen déi Aiden hei net. Si kënnen se och net ufroen, well nämlech de Calcul, fir déi Aide hei ze kréien, sech baséiert op en normale Präis vum Gas oder vum Elektresch vu virun der Kris.

Parallél zu deem Gesetz hei, wat an der Chamber diskutéiert ginn ass, gesi mer och, dass d'Dieselaiden net verlängert gi sinn, well och dat war een Deel vun den Aidëregimenter, déi en place gesat gi sinn zu engem gewëssene Moment. Mee déi sinn net méi genotzt ginn, well de Präis einfach méi deif ass, soudass déi Aiden op den 31. Dezember ausgelaf sinn an och hei an deemem Projet de loi net méi proposéiert gëtt, fir et ze verlängeren, well do de Präis e ganz aneren ass a well mer do déi komplizéiert Mechanisme vum Akafe vun deene verschiddenen Energiesourcen net mat dran hunn.

Wourëm geet et hei? Et geet am Fong hei bei deemem Projet de loi drëm, nach fir sechs Méint de Betrib eng gewësse Previsibilitéit ze ginn. Well wa mer de Betrib déi Previsibilitéit net ginn, dann ass et ganz schwéier, dass se iwwerhaupt nach kënnen produzéieren an an engem europawäiten oder weltwäiten Marché och kënnen matconcurrencéieren, fir hir Produktiounen hei kënnen eriwuerzeginn.

Wann ech virdru gesot hunn, 293 Betriber, déi déi Aiden hei ugefrot hunn, da sinn dat 293 Betriber, déi aus der Industrie kommen, grouss Industriebetriber, déi eebe grad an deem dote Marché matschaffen an dann och mussen eng Previsibilitéit hunn, besonnesch eeben am Kader vun den Energiepräisser. Trotzdeem ass et awer nach wichteg, d'Verlängerung ze maachen, och wa mer haut op engem déiweinen Niveau sinn. Wa muer iergendeppes géif geschéien an d'Präisser géifen erëm duerch de Plaffong goen, da misste mer erëm eng Kéier vill méi vun dëser Aide hei Gebrauch maachen. Just nach zu der Fiche



financière vun dësem Projet de loi: Ronn 27,7 Milliounen, déi nach eng Kéier virgesi sinn, le cas échéant, wa se géife gebraucht ginn. Mee et gesäit een och an dësen Zäiten, dass se am Moment nach net esou staark wäerte sollicitéiert ginn.

Ech soen Iech Merci.

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Minister. Domat ass d'Diskussioun dann elo ofgeschloss.

An da komme mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8348. Den Text steet am Document parlementaire 8348<sup>5</sup>.

### **Vote sur l'ensemble du projet de loi 8348 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmme fänkt elo un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. Fin du vote.

D'Resultat vum Vott ass: 58 Jo-Stëmme an 2 Absten-tiounen. De Projet de loi ass also mat 58 Jo-Stëmme bei 2 Enthaltungen ugeholl ginn.

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Christophe Hansen, Max Hengel, Mme Françoise Kemp, M. Marc Lies, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Marc Spautz, Charel Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. André Bauler) et M. Gérard Schockmel ;*

*M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Paulette Lenert ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;*

*MM. François Bausch, Meris Sehovic (par M. François Bausch), Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;*

*MM. Sven Clement, Marc Goergen et Ben Polidori (par M. Sven Clement).*

*Se sont abstenus: MM. Marc Baum et David Wagner.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

## **12. 8349 – Projet de loi portant modification des articles 6, 101 et 106 de la loi du 23 août 2023 portant sur la qualité des services pour personnes âgées**

An da komme mer zum nächste Punkt vum Ordre du jour. Dat ass de Projet de loi 8349 iwwert d'Qualitéit vun den Dénsgchter fir eeler Leit. D'Riedezäit ass hei och nom Basismodell festgeluecht an deemno follgendermoossen opgedeelt: D'Rapportrice huet zéng Minutten, all Fraktioun a Sensibilitéit fënnf Minutten an d'Regierung duerno zéng Minutten. Et hu sech schonn ageschriwwen: d'Madamm Nathalie Morgenthaler, d'Madamm Claire Delcourt, den Här Tom Weidig, d'Madamm Joëlle Welfring, den Här Ben Polidori an den Här Marc Baum. An d'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madamm Mandy Minella. Madamm Minella, Dir hutt d'Wuert.

### **Rapport de la Commission de la Famille, des Solidarités, du Vivre ensemble et de l'Accueil**

**Mme Mandy Minella** (DP), rapportrice | Här President, léif Kollegeinnen a Kollegen, d'Zil vum Projet de loi 8349 ass et, d'Gesetz vum 23. August 2023 iwwert d'Qualitéit vun de Servicer fir eeler Leit punktuell ofzeänneren, éier dëst den 1. Mäerz a Kraaft tritt.

An deem Kader ass et dowéinst wichteg, dass och dëse Gesetzesprojet dës Woch nach gestëmmt gëtt an dann zäitgläich op den 1. Mäerz a Kraaft triede kann. Nëmme esou kann e reibungsloost Ëmsetze vum Text um Terrain garantéiert ginn, ouni dass de Betrieb am Alldag an de Strukture perturbéiert gëtt.

Als Erënnerung: Mam Gesetz vum 23. August ass fir d'Wunnstrukture fir eeler Leit en neie Personalschlüssel agefuert ginn, fir eng optimal Betreierung ronderëm d'Auer ze garantéieren.

Domadder gëtt d'Unzuel u Fleegepersonal an de Strukture kloer an d'Luucht gesat par rapport zur Situatioun, wéi se aktuell ass, an dat och ronderëm d'Auer.

Et ass net just eng minimal Presenz vum engem Infirmier oder enger Infirmière an enger Persoun vum Betreierungspersonal während 24 Stonne 7 Deeg an der Woch virgesinn, mee et gëtt och verstärkt der Fleegebedierftegkeet vun de Residentë Rechnung gedroen.

De Minister hat et an der Kommissioun gesot, mam Personalschlüssel, wéi en initial am Gesetz virgesi war, wär e liicht iwwert d'Zilerausgeschoss, soudass d'Resultat dozou gefouert hätt, dass dee Schlüssel d'Acteuren um Terrain viru Schwieregkeete gestallt hätt, wat d'Ëmsetzbarkeit betrëft.

Mat dësem Gesetzesprojet gëtt deem Rechnung gedroen an de Personalschlüssel ugepasst. Och wann d'Ufuerderungen also liicht zrëckgeschrauft ginn, wäert awer an Zukunft méi Personal an de Strukture present sinn, wéi dat momentan de Fall ass, fir eng beschtméiglech Betreierung ze assuréieren.

An Zukunft wäerten d'Bestëmmunge follgendermoossen ausgesinn:

Zum enge muss, wéi gesot, zu all Moment eng Mindestpresenz assuréiert sinn, déi sech aus engem Infirmier respektiv enger Infirmière an enger Persoun vum Fleegepersonal zesummesetzt.

Zum anere musse fir all Tranche vu 60 Residenten, där hir Fleegebedierftegkeet tëschent 1 a 5 läit oder déi palliativ Soine kréien, eng zousätzlech Persoun vum Fleegepersonal present sinn.

Bei Residenten, deenen hir Fleegebedierftegkeet op d'mannst 6 ass oder driwwer läit, ass et eng zousätzlech Persoun vum Fleegepersonal pro Tranche vun 30 Residenten.

Fir de Gestionnairen eng gewësse Flexibilitéit ze ginn an der Fluctuatioun vu Residentë mat ënnerschiddleche Besoine Rechnung ze droen, ass donieft och virgesinn, dass déi verschidden Tranchë während maximal 90 Deeg ëm 10 % iwwerschratt kënnen ginn, ouni dass zousätzlech Fleegepersonal néideg ass.

Dës Reegelung gëtt dem Gestionnaire d'Méiglechkeet, sech mat senge Schichtpläng besser kënnen ze organiséieren, a léisst him genuch Zäit, fir zousätzlech Personal ze recrutéieren, wann dat néideg sollt sinn.

Här President, zum Schluss wëll ech nach kuerz op d'Aarbechten an der Kommissioun agoen. De Gesetzesprojet gouf den 22. Januar dëst Joer vum Famillje-minister deposéiert.

De 6. Februar huet de Staatsrot säin Avis erausginn, an deem e gréng Luucht fir de Gesetzesprojet ginn huet. Donieft hunn nach d'CNPd, d'Chambre de Commerce an d'COPAS en Avis verëffentlecht.

D'COPAS huet an hirem Avis dann och ausdrécklech begréisst, dass dës Adaptatioun gemaach gëtt; an huet op d'Noutwendegkeet dovun higewisen.

De Projet de loi gouf den 8. Februar an der Kommissioun virgestallt. D'Kommissioun huet mech och an der selwechter Sëtzung als Rapportrice genannt.

D'Familljekommissioun huet mäi schrëftleche Rapport an hirer Sëtzung vum 20. Februar ugeholl.

Dat gesot, soen ech Merci fir d'Nolauschteren a ginn den Accord vun der DP-Fraktioun fir dëse Gesetzesprojet. Villmools merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Madamm Minella, fir Äre mëndlechen an Äre schrëftleche Rapport.

An déi éischt ageschriwwen Riednerin ass d'Madamm Nathalie Morgenthaler. Madamm Morgenthaler.

### **Discussion générale**

**Mme Nathalie Morgenthaler** (CSV) | Merci, Här President. Hei gëtt an engem Text nogebessert, deen eréischt am Juli d'lescht Joer mat 58 Jo-Stëmme an zwou Enthaltungen ugeholl ginn ass. Dat heescht, souwuel de Minister wéi dëst Haus si gewëllt, zäitno nozebesseren, fir dass dës Ännerungen zäitgläich mam Gesetz vum 23. August 2023 den 1. Mäerz dëst Joer a Kraaft kënnen trieden.

Nieft klengen textuelle Verbesserunge gi virun allem ofgeännert Encadrementszuele festgehalen, Zuelen, déi vu muncher Säit scho bei der éischter Ofstëmmung als problematesch respektiv souguer deelweis als onrealisteschempfont gi sinn. Wéinst Personal-mangel hätten eventuell Leit vun der Dageschicht op d'Nuetsschicht missen ofgezu ginn.

Ee konkreet Beispill aus der Praxis: An enger Struktur, wou den Nuttsschlüssel bei fënnf Leit Personal geleeën hätt, ass d'Unzuel lo mat dësem Gesetz nëmme nach bei véier. Dat klängt lo no enger klenger Ännerung, mee iwwert d'Joer gekuckt mécht dat awer ëmmerhin 2,3 ETP, also Équivalents temps plein, aus.

Mir sollten d'Ëmsetzung an d'Machbarkeit vun dësem ofgeännerten Text onbedéngt an Zukunft am A behalen: Fannen déi betrafte Strukturen dat néidegt Personal? Wéi kënnen mer d'Beruffsausbildung vum Fleegepersonal an d'Attraktivitéit vun deene Beruffer verbessern? Wéi sinn d'Auswirkungen op d'Pensionspräisser? Hëlt d'Qualitéit dann elo wierklech zou? Dat sinn nëmme e puer Froen, déi sech an dësem Kontext stellen.

Dofir bleift d'Motioun, déi bei der éischter Ofstëmmung eestëmmege ugeholl ginn ass, och weiderhin aktuell an et gëtt méi wéi jee wichteg, no dräi Joer e Bilan ze zéien.

Zum Ofschluss bleift mer nëmme nach ze soen, dass d'CSV dëse Gesetzesentwurf natierlech begréisst a matdréit.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Madamm Morgenthaler. An dann ass et elo un der Madamm Claire Delcourt. Madamm Delcourt.

**Mme Claire Delcourt** (LSAP) | Merci, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegen, d'Madamm Minella hat elo schonn eng gutt Aféierung gemaach, also brauch ech net nach eng Kéier ze erklären, wat elo hei ëmgesat gëtt. Fir d'LSAP ass et fir d'éischt emol